

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Et gött Länner, déi, wann een eleng mat sengem Kand reest, e Beweis verlaangen, datt een d'Recht huet, dat ze maachen. Bei eleng erzienden Elteren mat Kanner, déi net aus engem Bestietnis sinn a bei deenen d'Suergrecht net geriichtlech geregelt ass, kann dat zu Problemer féieren. Dës Situatioun betrëfft besonnesch dacks eleng erziend Mammen, déi mat hire Kanner wëllen an d'Ausland reesen. Et muss och beduecht ginn, datt esou Situatioune sech kënnen ëmmer méi dacks presentéieren, well ëmmer méi Kanner ouni Bestietnis vun hiren Eltere gebuer ginn.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Wäre et net méiglech, am Fall, wou et keng geriichtlech Decisioun iwwer d'Suergrecht fir e Kand gët, fir deem Elterendeel, deem eleng d'Suergrecht huet, e Formular ze ginn, dat déi Situatioun certifiéiert an ausdrécklech präziséiert, datt déi Persoun och kann mat deem Kand reesen? Dat entsprécht jo där aktueller legaler Situatioun, an et misst dohir och méiglech sinn, fir dat ze certifiéieren.
2. Wäre et méiglech, dat Formular inhaltlech a sproochlech extra esou ze schreiwen, dat et sech fir Reesen an d'Ausland eegent? Gët et an dem Zëssammenhank international Ofkommes, déi esou Situatioune regelen?
3. Ass et prinzipiell méiglech, fir an de Pass vun engem Kand, deem seng Situatioun net geriichtlech geregelt ass, nëmmen dee vun den Elteren androen ze loossen, deem no der aktueller Legislatioun eleng d'Suergrecht huet, fir eventuell Problemer bei Reesen ze verhënneren? Alternativ, wann déi zwee Elteren an de Pass agedroe ginn an et kee Geriichtsuerteel gött, misst da präziséiert ginn, wien d'Suergrecht huet an also därer fräi mam Kand reesen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten